ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Oktober 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister an un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt zanter der Reform vum Rettungsdéngscht am Joer 2018 nach keng eenzeg Rechnung vum CGDIS un d'Patiente weidergeleet gouf – aus deem Grond, well de CGDIS bis dato nach net weess, wéi een Undeel d'Krankekeess vum Gesamtmontant vun der jeeweileger Rechnung rembourséiert. Patienten, déi eng Leeschtung vum CGDIS an Usproch geholl hunn, wëssen deemno nach ëmmer net, wat finanziell op si duer kënnt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister :

1. Kann den Här Minister déi uewe genannten Informatioune confirméieren ?
2. Wa jo, wat sinn d'Grënn, firwat nach ëmmer keng Rechnunge vum CGDIS un d'Patiente weidergeleet goufen a wéi gedenkt de Minister op dës Méssstänn ze reagéieren ? A wéi engem zäitleche Kader ka mat enger Léisung vum uewe genannte Problem gerechent ginn ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten